



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Justice

Luxembourg, le **15 OCT. 2020**  
Réf. QP-69/20

Monsieur le Ministre  
aux Relations avec le Parlement  
Service Central de Législation  
Luxembourg


**Objet :** Question parlementaire n°2852 du 18 septembre 2020 de l'honorable Députée Nancy Arendt

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe la réponse commune à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma considération distinguée.

La Ministre de la Justice



Sam TANSON

**Réponse commune de Madame la Ministre de la Justice et Messieurs les Ministres de la Sécurité intérieure et des Finances à la question parlementaire n° 2852 du 18 septembre 2020 de l'honorable Députée Nancy Arendt**

Och wann keng spezifesch Statistiken zu Verfügung stinn, konnten d'Beamten vun der Police judiciaire wéi och d'Beamten vun der Douane déi lëscht Joren keng Augmentatioun feststellen, wat den Akaf vun Drogen iwwert den Internet / Darknet hei zu Lëtzebuerg betrëfft.

Am Géigendeel, d'Douane huet festgestallt, dat Unzuel vun den ofgefaangenen, respektiv den saiséierten Colis „à destination du territoire national“ erof gaangen ass. Iwwerdeems hunn d'Saisien vun klengen Drogenquantiétéiten fir den Eegekonsum erginn, dat et sech majoritär em synthetesch Drogen an Cannabis gehandelt huet.

2019 ass et an enger Affär um Dikrecher Geriicht zu enger Verurteilung komm, wou Drogen iwwert den Darknet mat Bitcoin kaf gi sinn.

D'Enquêteuren vun der Sektion « Stupéfiants » bei der Police judiciaire schaffen souwuel mat der Sektion « Nouvelles Technologies », wéi och mat den Beamten vun der Douane, zesummen fir dësem geféierlechen Phenomen entgéint ze wierken. Bei hirer Aarbecht gi se énnert anerem epauléiert vun enger Equipe vun Analysten.

Et besteet énnert aneren eng enk Kooperatioun mat den ausländeschen Police- an Douaneautoritéiten, am Kader vum regulären Informatiounsaustausch wéi och am Kontext vun gemeinsamen Projete, Formatiounen oder Konferenzen. EUROPOL énnerstëtzzt dës Kooperatioun énnert anerem mat hiren wäitreechenden Analyskapazitéiten.

Bekämpfung vun Drogekriminalitéit huet Prioritéit an d'Moyen'en gi konstant weider verstärkt. Rezent huet iwwerdeems d'Douane eng Cellule „Cybercrime“ an d'Liewen geruff fir géint online Drogekriminalitéit virzegoen, mat enger multidisziplinärer Approche déi vum Akaf vun Drogen iwwert den Darknet, iwwert d'Bezuelen mat Kryptowährungen bis bei d'Liwwren vun den Colis iwwert Zerwisser vun der Post oder aner express Distributionszerwisser alles ofdeckt.